

GEMENG PRÉIZERDAUL

# Préizerdauler
# NORIICHTEN

1/2023

Bieberech, Platen, Proz, Rëmmerig, Horas, Roudbaach

# Préizerdauler Noriichten 1/2023

# Dezember 2022 bis Abrëll 2023

**Sommaire:**


3 Virwuert
9 Infoen vum Schäfferot
13 Diskussioun
18 Sitzungsbericht vum 14.12.2022
22 Sitzungsbericht vum 13.01.2023
24 Neijoerschreceptioun
28 Personaléierung
31 Sitzungsbericht vum 24 .03.2023
40 Etat civil
41 Par Atertdaul
44 Neies aus der Maison Relais
49 Grouss Botz
52 Verschiddenes
64 Fotoen aus eiser Gemeng
68 Aktivitéiten vun eisen Veräiner



**Realisatioun: Gemeng Préizerdaul**

**ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot**

**Fotoen: Charles Reiser a Gemeng**

**Cover: Fréijoer**
**(Foto: Tom Demuth)**

**Redaktiounschluss fir di nächst Editioun ass den 1. Juli 2023**

**Veräiner sollen hir Beiträg per mail un jruppert@preizerdaul.lu schécken**




Vill ze fréi huet eis de Jean-Marie Plier aus der Stréissel de 17. Januar 2023 no laanger Krankheet verlooss. Vun 1977 bis zu senger Pensioun 2010 war de Pléiesch Jang, wéi hien am Daul genannt gouf, een treien a virbildleche Gemengenaarbechter, deem keng Stonn ze fréi oder ze spéit war fir senge Matmënschen ze hëllefen.

De Jang war eisen “homme fait tout”, dee kenger Aarbecht aus dem Wee gaangen ass, a wann se och nach esou ustrengend oder komplizéiert war. Hien hat fir alles eng Léisung parat a konnt d'Leit mat sengem onermiddleche Fläiss a sengem grousse Fachwëssen séier iwwerzeegen.

De Jang war och eis lieweg Memoire; laang iert et spezifesch Computer Programmer gouf, hu mir all Kéiers de Jang gefrot, wann den techneschen Déngscht eng Waasserleitung oder e Kanalrouer gesicht huet. Nach spéider a senger wuelverdéngter Pensioun hu mir méi ewéi eng Kéier op de Jang zréck gegraff fir säi kompetente Rot ze froen.

Wéi gär erënnere mer eis och u seng Spiichten, déi en eis munchmol opgedëscht huet, a wann hien dann nach esou verschmitzt dobäi gegrinst huet, wosst een net wierklech, ob dat elo eescht gemengt war, oder ob hien eis eng Kléng gekréckelt hat.

An enger ergräifender Zeremonie hu mir dem Jang den 28. Januar 2023 um Bëschkierfecht zu Rëmmereg e leschten Äddi gesot. Et war dëst fir all Bedeelegt e ganz schwéiere Moment, dee mer eis gären erspuert hätten, mee deen eis awer all wichteg war fir senger Famill ze weisen, dat mir de Jang op éiweg a beschter Erënnerung wäerte behalen.

Roger Gereke

# VIRWUERT

Léif AwunnerInnen aus der Gemeng Préizerdaul, léif Leit alleguer

Dat war awer elo séier gaang. Scho stinn am Juni déi nächst Gemengewalen un. Den aktuelle Schäfferot, de Marc Gergen, Buergermeeschter an d'Schäffen Fernand Müller a Marc Rehlinger wollten elo dovunner profitéieren, an eiser leschter Gemengenzeitung virun de Walen e puer Mercie lass ze ginn an Iech e klenge Resumé vun der läschter Walperiod ze maachen.

Et war schonn eng spannend Zäit mat leider e puer Wiessel. E Schäffen- a Gemengerot sollt an d'Zukunft plangen, mat Wäitsiicht a Verständnes organiséieren an Zesummenhäng erkennen. Am Déngscht vun all Bierger, ob jonk oder al, am Déngscht vun Natur an Ëmwelt, fir eis Liewensqualitéit ze erhalen an ze verbesseren an fir eng nohalteg a wäitsiichteg Entwécklung vun enger staarker Landgemeng ze garantéieren. Do bréngt et näischt fir al Geschichten ze zielen, laang klasséiert Affairen mat Fakenews erëm opliewen ze loossen a mat gezielter Desinformatioun Politik ze maachen. D'Gemeng ass een demokratesche Prozess an eng Majoritéit décidéiert. Och wann een no enger argumentéierter Diskussioun net ëmmer enger Meenung ass, sou muss een awer d'Meenung vun der Majoritéit respektéieren kënnen. Mir wollten deemno hei dovu profitéieren fir all deenen e grousse Merci ze soen déi mat eis zesummen zielstrieweg an eng Richtung kucken a mat eis alleguerten eis Gemeng no vir bréngen.

Virun allem denke mer do un eist Personal an alle Beräicher, sief et dobaussen um Terrain, an der Schoul, an der Maison-relais an am Büro. Si alleguerten sinn de Garant fir Qualitéit am Service fir de Bierger, si alleguerten sinn engagéiert a fille sech als een Deel vun eiser grousser Gemeinschaft déi mer an de läschte Joren ausgebaut hunn fir och an Zukunft all néideg Servicer op der Gemeng kennen unzebidden. Merci.

Eis Gemengenaarbechter sinn all Dag a bei all Wieder dobaussen ënnerwee fir duerfir ze suergen datt alles fonctionnéiert, datt alles propper ass, datt alles schéin ass an datt alles sécher ass.

Eis Schoul gouf elo scho fir de neien Zäitalter vun der Digitaliséierung preparéiert, nei elektronesch Tafelen, neie WLan an e puer Klassen si lo scho mat i-pad equipéiert.

Un déi nei Schoul ginn natierlech grouss Erwaardunge gestallt an déi ass de gréissten Invest deen d'Gemeng Préizerdaul bis elo gemaach huet. Elo am Summer gëtt fir d'éischt d'Modulgebai geréckelt. D'Container sinn e bësse méi al wéi 10 Joer an nach ganz gutt ze gebrauchen; duerfir gouf aus finanzielle Grënn an am Sënn vun der économie circulaire décidéiert fir déi Container ze halen an op enger anerer Plaz erëm op ze riichten. Genau sou gëtt och d'Spillplaz net ewech gehäit mee nei gemaach a rëm opgestallt.

De Schäffen- a Gemengerot huet an de läschte 6 Joer sou gewirtschaft fir keng nei Schold mussen op ze huelen. Sou ass d'Schold vun der Gemeng all Joer erof gaangen an d'Gemeng ass elo gutt opgestallt a steet finanziell op gesonde Féiss fir nei Scholden ze maachen. Déi éischt Phase vun der neier Schoul soll 17 Millioune kaschten, dat muss iwwer puer Joer mat engem Emprunt finanzéiert ginn.

Déi sozial Responsabilitéit vun der Gemeng ass och weider gefouert ginn. All Joer gi 0,5 % vun den ordinäre Recetten un sozial Wierker gespent, domadder ass d'Gemeng Préizerdaul eng vun de wéinegen, déi sech sou engagéiert.

Déi läscht Joren ass vill an och mol kontrovers iwwer Denkmalschutz diskutéiert ginn. De Schäffen-a Gemengerot aus dem Préizerdaul huet sech nach ëmmer duerfir agesat. Net fir näischt sinn d'Büroe vun der Gemeng an engem alen Haus ënnerbruecht. Duerfir ass et och nëmme logesch, datt den aktuelle Schäfferot sech och fir den Denkmalschutz engagéiert. De neie PAG dréit deem Rechnung.

D'Digitaliséierung mécht och net Halt virum ale Gemengenhaus. An der Coronazäit waren Reuniounen virum Computer op eemol déi eenzeg Méiglechkeet fir sech ze gesinn an ze diskutéieren. Nei Installatiounen op der Gemeng erméiglechen elo bal alles. Den Ausbau vum Glasfaserkabel geet weider, den neien Internetsite, nei Programmer fir eis Infrastrukture besser ze regelen an ze iwwerwaachen, si just puer Beispiller déi weisen, datt och d'Gemeng Préizerdaul elo gutt opgestallt ass.

Dat Alt mat deem Neie verbannen. Genau dat gëtt am Digitalarchiv Préizerdaul gemaach. Et ass absolut kuckeswäert wat do um Internet-site dap-preizerdaul.lu gewise gëtt. Eng Onmass vun ale Fotoen aus dem Préizerdaul ginn digitaliséiert a publizéiert fir d'Geschicht an d'Geschichten aus dem Préizerdaul ze dokumentéieren. Weider vill Dokumenter vun der Gemeng mussen nach digitaliséiert ginn fir d'Informatiounen an Zukunft accessibel ze maachen.

Klimapakt 2.0, Naturpakt, Pakt vum Zesummeliewen an de pacte Logement 2.0, sinn Engagementer déi de Schäffen-a Gemengerot geholl huet. Zukunftsorientéiert ginn an all de Pakten Iddie gesponnen a Projeten entwéckelt. Iwwert all déi Moosnamen aus dem Klimapakt ass genuch geschriwwen, mir si rëm Gold certifiéiert.

Am Naturpakt ass och de Label erreecht ginn. Hei hunn déi nei Projete mam Sicona zu Proz an de Fuusselächer an an de Sauerwisen, virun der Préizermillen an zu Platen zwischen den Gräben e wichtege Pilier duergestallt. Iwwerhaapt sinn am grénge Beräich nach weider gutt Aktiounen ëmgesat ginn. De Steekauz an d'Fliedermaus fille sech ganz wuel an eiser Gemeng. Am Kinnebësch an hannert der Fabrik sinn dowéinst Zäitschaltaueren installéiert ginn fir deem Gedéiesch Nuets hir Rou ze loossen. An Zesummenaarbecht mat Landwirtschaftleche Betriber aus der Gemeng leeft de Projet "Natur genéissen" an der Kiche vun der Maison-relais, hei gi lokal produzéiert Liewensmëttel och lokal verbraucht. D'Gemeng Préizerdaul huet sech och der Aktioun "gielt Band" vum Landwirtschaftsministär ugeholl. Den Dauler Atelier schafft un engem flotte Projet fir all d'Uebstbeem ze kartographéieren an ze benennen. Duerno wäerten Iech flott Rezepter presentéiert ginn fir déi Friichte vum Bam ze verschaffen.

An der ländlecher Regioun ass d'Landwirtschaft e wichtegen Acteur. D'Feldweeër am Préizerdaul si kategoriséiert ginn fir ee fir allemools fest ze leeën wéi ee Wee méi wichteg ass wéi een aneren a fir e Méijoresplang opzestellen wéini wéi e Wee nei gemaach sollt ginn. Déi gutt Zesummenaarbecht mat der Gemeng ass deemno och wichteg. Fir de Quelleschutz ze garantéieren gi mat de Baueren Kooperatioune gesicht fir op den Terraine manner ze sprëtzen. D'Gemeng bedeelegt sech un engem Programm fir Onkraut mechanesch aus de Maisfelder eraus ze kréien an huet sech finanziell un der Uschafung vun engem Maisonkrautstrigel an Maiskappmaschine bedeelegt. An dem Kontext sief och nach erwäänt, datt vill Waasser aus der Quell zu Proz, wat net méi der Drénkwaasserqualitéit entsprécht genotzt gëtt fir ze nëtzen. Am Joer 2022 sinn am Ganzen 2'500 $m^3$ aus der Quell gezaapt ginn, gratis. Weiderhin ass trotzdem vill Geld an den Drénkwaasserreseau investéiert ginn.

Domadder wiere mer beim Waasser. D'Renaturéierung vun der Roudbaach huet zu Platen ugefaang an sollt sech eemol bis op Proz duerchzéien. Dat geet awer nach laang net duer fir e Schued duerch Héichwaasser ze verhënneren. Et sinn nach eng Réi Moossnamen ze maachen fir de Préizerdaul un d'Klimaverännerungen unzepassen. Een Deel dovu sinn déi duerch de Sidero realiséiert Entwässerungen vun den Aussegebidder.

De Stroossebau ass mat villen Iwwerraschunge verbonnen, finanziell wéi och technesch. Nodeems datt de Chantier Buregaass an der éischter Phas éischter gutt gelaf ass, ginn et am zweeten Deel méi kompliséiert technesch Problemer. Den Ënnerbau vun der aler Strooss ass nit sou wéi erwaart, dat bedeit vill méi déif ausbaggeren a vill méi Material eraus huelen. Well dat an der Buregaass sou schleefent weider geet gouf et op der Haaptstrooss just geplooschters. Déi bléift nach ze maachen, zu Proz, an och zu Platen.

An dëser Period sinn e puer interessant Iddien realiséiert ginn: de Bëschkierfecht, de Beachvolleyballterrain, de Pack-up, d'Petanquespiste, d'Givebox, eng flott Wëllkommsbrochür fir déi nei Awunner aus dem Préizerdaul, e neie Subsideschlëssel fir d'Veräiner, de neie Buttek beim Terrain, d'Reorganisatioun vun de Buslinnen an eng nei Linn op Miersch, a last but not least ass e Bechersystem ugeschaaft ginn dee gespullt ka ginn, sou ass d'Gemeng Préizerdaul schonn e Schrack viraus am neien Offallgesetz. An deene Becher gëtt dann och de neie Béier ugebueden, regional a nohalteg.

Gesellegkeet ass een Element am Pakt vum Zesummeliewen, dat ass bekannt, mee déi hëlt an der Ëffentlechkeet méi a méi of. Duerfir ass d'Gemeng gefrot fir eppes ze ënnerhuelen. Schoulinfrastrukturen, Sportsinfrastrukturen an den ëffentleche Raum sollen et méiglech maachen sech ze begéinen. An e puer Biergeratelieren si vill flott Diskussiounen iwwer Zesummeliewen entstan. Op der Nuit des Sports an op der Coupe scolaire ass Solidaritéit a Sportsgeescht bewise ginn. De neie Siwe-Brécke-Wee mat der Auszeechnung vum europäesche Wanderverband bitt och d'Méiglechkeet fir d'Zesummeliewen, d'Waldbaden an déi néideg Rou ze genéissen.

De neie PAG an d'Bautereglement si konsequent ugepaakt ginn a vill kontrovers diskutéiert ginn bis datt endlech e Konsens fond konnt ginn. De Préizerdaul ass attraktiv a wiisst. Nodeems datt de PAP Wollefshéck ofgeschloss ass stinn zwee weider grouss PAP'en an de Startlächer. Dee PAP Mëllechpesch zu Rëmmerich mat 22 Unitéiten an de PAP Linden zu Platen mat 23 Unitéiten. D'Gemeng huet och de Pacte Logement ënnerschriwwen a plangt un der Realisatioun vu bezuelbarem Wunnraum, am Schlesserhaus an zu Proz op dem Terrain dien d'Gemeng viru kuerzem kaaft a sanéiert huet.

De Contournement vu Proz fir an d'Bauschuttdeponie ze kommen ass endlech am Bau, an dat no méi wéi 20 Joer Diskutéieren a Plangen. Dat gëtt eng grouss Verbesserung fir Proz a punkto Sécherheet. D'Verspriechen fir net méi wéi 300'000 Tonnen pro Joer doran ze tippen gëtt agehalen. Niewebäi bedeit dat och eng bemierkbar Recette an eiser Gemengekeess.

D'Gemeng Préizerdaul an de Kanton Réiden si scho laang matenee verbonnen, an dat bléift och sou. Alles wat mer eleng net maache kennen, dat maache mer zesummen am Kanton. D'Schwämm gëtt vergréissert, d'Altersheim ass vergréissert, d'Industriezon zu Réiden gëtt ausgebaut, d'Musikschoul, an d'Gemeng Préizerdaul bedeelegt sech. De Projet Housecare fir Sozialwunnengen gëtt onbedéngt gebraucht. Mëllt Iech wann der nach een Haus eidel stoen hutt a verlount et un Housecare. Déi Wunnenge ginn dringend gebraucht.



De Schäffen- a Gemengerot soll a muss ee Spigelbild vun eiser Gesellschaft sinn. Dofir ass et em esou méi wichteg dass sech Leit aus allen Altersgruppen, Nationalitéiten an Geschlechtsidentitéiten fir d'Politik interesséieren.

Mir encouragéieren all Bierger sech fir d'Walen anzeschreiwen. Kommt hëlleft mat eis Gemeng an eng modern an nohalteg Zukunft ze féieren.

Mir wënschen all Bierger eent flott Ouschterfest a schéin Feierdeeg. Och dëst Joer gëtt rëm vill iwwert den Ouschterweekend am Duerf gebueden. Um Flyer dien Mëtt Mäerz am Duerf verdeelt ginn ass fannt Dir den Detail.

De Schäfferot
Gemeng Préizerdaul

# PRÉFACE

Chères concitoyennes et concitoyens de la commune Préizerdaul, chers tous,

Le temps passe vite. Voilà les prochaines élections communales qui s'annoncent au mois de juin. Le collège échevinal actuellement en fonction, le bourgmestre Marc Gergen et les échevins Fernand Müller et Marc Rehlinger souhaitent profiter de l'occasion pour exprimer certains remerciements dans cette dernière édition du bulletin communal avant les élections, et de vous présenter un petit résumé de la dernière période électorale.

Il s'agissait déjà d'une période excitante entraînant malheureusement quelques changements. Le collège échevinal devrait investir dans l'avenir, organiser avec prévoyance et compréhension. Au service de tous les habitants, jeunes et moins jeunes, au service de la nature et de l'environnement, afin de conserver et d'améliorer notre qualité de vie et de garantir un développement durable et perspicace d'une commune forte en milieu rural. Il ne sert à rien de raconter des anciennes histoires, de faire revivre des affaires clôturées depuis longtemps avec des « fakenews » et de faire de la politique avec de fausses informations ciblées. La commune constitue un procès démocratique et c'est une majorité qui décide. Même en cas de désaccord après une vive discussion, il faudra être à même de respecter l'opinion de la majorité. Ainsi nous tenons à profiter de remercier aujourd'hui tous ceux qui, ensemble avec nous, regardent dans une même direction déterminée et font avancer notre commune.

Nous pensons surtout à notre personnel dans tous les domaines, soit administratif, soit technique, soit à l'école, ou dans la maison-relais. Ils garantissent une certaine qualité des services aux concitoyens, ils sont tous engagés et font partie de notre grande communauté renforcée ces derniers années, afin de pouvoir offrir également à l'avenir tous les services nécessaires. Merci.

Nos ouvriers communaux sont présents tous les jours, par tous les temps, pour assurer le bon fonctionnement, la propreté et la sécurité de toutes les infrastructures.

Notre école fût déjà préparée pour la nouvelle ère de la digitalisation, avec de nouveaux tableaux électroniques, un nouveau réseau WLan et des i-pad pour certaines classes.

Le nouveau complexe scolaire fait anticiper une certaine joie, et constituera le plus grand projet réalisé par la commune Préizerdaul jusqu'à présent. Tout d'abord le bâtiment modulaire sera déplacé en été. Les modules sont âgés d'un peu plus de 10 ans et sont parfaitement réutilisables ; c'est pourquoi du point de vue financier et dans l'esprit de l'économie circulaire qu'on a décidé de récupérer les containers et de les remonter à un autre endroit. Il en est de même pour l'aire de jeux derrière le kiosque, qui sera rénovée et reconstruite.

Pendant les 6 derniers ans le collège échevinal a géré son budget de façon à ne pas devoir prendre recours à des emprunts. Ainsi les dettes de la commune ont diminué chaque année et la commune est financièrement bien positionnée pour le moment pour faire face aux nouveaux défis. La première phase du nouveau complexe scolaire coûtera 17 millions et devra être financée moyennant un emprunt.

La responsabilité sociale de la commune a également été maintenue. Chaque année 0,5% des recettes ordinaires du budget sont données à des œuvres sociales ; de ce fait la commune Préizerdaul représente l'une des seules qui s'engagent de cette manière.

Ces dernières années on a discuté beaucoup et de façon controversée au sujet de la protection du patrimoine. Le collège échevinal et le conseil communal du Préizerdaul se sont toujours engagés pour cette cause. Ce n'est pas un hasard que les bureaux de l'administration communale sont installés dans une ancienne maison. Il va de soi que le collège échevinal s'engage également pour la protection du patrimoine ; le nouveau plan d'aménagement général en tient compte.

La digitalisation ne s'arrête pas devant les portes de la vieille mairie. Pendant la pandémie Covid les réunions devant l'écran de l'ordinateur étaient les seules possibilités de se voir et de discuter ensemble. Les nouvelles installations de l'administration communale nous ouvrent de nouveaux horizons. L'expansion des câbles à fibres optiques continue ; notre nouveau site internet et de nouveaux programmes pour une meilleure gestion des infrastructures ne sont que quelques exemples qui rendent nos services encore plus efficaces.

Faire le lien entre le passé et le nouveau. C'est l'objet du « Digitalarchiv Préizerdaul ». Il est absolument remarquable de fouiller sur le site internet dap-preizerdaul.lu. D'innombrables photos anciennes du Préizerdaul sont digitalisées et publiées afin de documenter le passé et les histoires du Préizerdaul. Il reste beaucoup de documents de la commune à digitaliser afin de rendre accessibles ces informations à l'avenir.

Pacte climat 2.0, pacte nature, « Pakt vum Zesummeliewen » et le pacte logement 2.0 sont des engagements pris par le collège échevinal et le conseil communal. Des idées et projets orientés vers l'avenir sont planifiés et développés parmi tous ces pactes. Tout a été dit au sujet des mesures du pacte climat, on a eu tout récemment la certification en or.

La commune a également été certifiée au pacte nature. Les nouveaux projets réalisés avec le Sicona « an de Fuusselächer » à Pratz et « an de Sauerwisen », au moulin de Pratz et « zwischen den Gräben » à Platen y jouaient un rôle essentiel. D'autres actions importantes ont aussi été exécutées en faveur de l'environnement. La chouette chevêche et la chauve-souris se sentent bien à l'aise chez nous. Au « Kinnebësch » et derrière le centre culturel, des minuteries ont été installées, afin de ne pas troubler ces mammifères pendant la nuit. En collaboration avec des exploitations agricoles de la commune, on participe au projet « Natur genéissen » dans la cantine scolaire, où des produits locaux sont servis. La commune Préizerdaul participe également à l'action du Ministère de l'Agriculture « gielt Band ». La commission consultative Dauler Atelier est en train d'élaborer un projet intéressant afin de cartographier tous les arbres fruitiers. De bonnes recettes vous seront affichées afin d'utiliser les fruits de ces arbres.

L'agriculture constitue un acteur important au milieu rural. Les chemins ruraux ont été catégorisés afin de déterminer une certaine hiérarchie et de dresser un plan pluriannuel pour leur remise en état. Par conséquent une bonne collaboration entre l'agriculture et la commune est importante.

Afin de promouvoir la protection des sources, des coopérations sont visées avec les agriculteurs en vue de diminuer l'utilisation d'herbicides. La commune participe à un programme pour enlever les mauvaises herbes de façon mécanique des champs de maïs, et a contribué à l'acquisition d'une herse étrille et d'une bineuse mécanique.

Dans ce contexte il faut encore évoquer que de grandes quantités d'eau en provenance de l'ancienne source de Pratz, qui ne remplit malheureusement plus les critères d'une eau potable, sont utilisées pour l'arrosage des jardins et plantations. 2.500 $m^3$ ont été utilisés gratuitement pendant l'année 2022. En outre beaucoup d'argent a été investi pour l'entretien du réseau de l'eau potable. A ce sujet il faut évoquer que la renaturation du cours d'eau « Roudbaach » a commencée à Platen, et devra se poursuivre jusqu'à Pratz. Ceci ne suffira cependant pas pour éviter des dégâts provenant des inondations. Il ne reste encore pas mal de mesures à réaliser pour adapter le Préizerdaul aux changements climatiques. Le syndicat intercommunal Sidero est en charge des travaux d'assainissement des zones périphériques.

Les travaux routiers actuels sont associés à beaucoup d'imprévus, aussi bien du côté financier que du côté technique. Après une première phase du chantier de la réhabilitation de la rue de la fontaine plutôt réussie, des problèmes techniques compliqués se présentent dans la phase 2.

Le soubassement de l'ancienne route se présente dans un état délabré, ce qui implique des coûts supplémentaires. La réfection de la rue principale à Platen n'a été faite que provisoirement et sera faite définitivement après l'achèvement des travaux dans la rue de la fontaine.

Pendant la dernière période législative quelques idées intéressantes ont pu être réalisées : le cimetière forestier, le terrain « beachvolleyball », un Pack-up, la Givebox, une brochure de bienvenue pour les nouveaux habitants du Préizerdaul, une nouvelle clé de répartition des subsides pour les associations, une nouvelle épicerie près du terrain de foot verra le jour prochainement, la réorganisation du réseau de bus RGTR et une nouvelle ligne de bus vers Mersch ; finalement on a adopté un système de gobelets réutilisables en vue de la nouvelle loi sur les déchets. Dans ces gobelets on vous sert également notre nouvelle bière, régionale et durable.

La convivialité constitue un élément clé du « Pakt vum Zesummeliewen », malheureusement celle-ci se perd de plus en plus dans la société. C'est pourquoi la commune est censée d'intervenir dans ce domaine. Les infrastructures scolaires, les infrastructures sportives et l'espace public devraient contribuer à la rencontre des citoyens. Au cours de quelques « ateliers citoyens », des discussions intéressantes au sujet du vivre ensemble ont été menées. A l'occasion de la Nuit des Sports et de la Coupe Scolaire un certain esprit de solidarité et de sportivité s'est manifesté. Le nouveau circuit pédestre « Siwe-Brécke-Wee » distingué par le « Wanderverband » européen rend également possible le vivre ensemble, le bain de forêt et le plaisir du silence dans la nature.

Le nouveau plan d'aménagement général et le règlement des bâtisses ont été traités de façon cohérente et discuté longtemps de façon controversée pour trouver finalement un consensus. La commune Préizerdaul reste attrayante et affiche une nette croissance. Après l'achèvement du projet d'aménagement particulier « Wollefshéck », deux autres grands projets vont débuter bientôt. Le projet « Mëllechpesch » à Reimberg portant sur 22 unités de logement et le projet « Linden » à Platen portant sur 23 unités. La commune a signé également le pacte logement 2.0 et est en train de planifier la réalisation de logements abordables, dans la maison Schlesser à Bettborn et sur un terrain à Pratz que la commune a acquis et assaini récemment.

La construction de l'accès vers la déponie de matières inertes a finalement débutée, après plus de 20 ans de discussions et de planifications. Ce projet constitue une immense amélioration du point de vue sécurité pour la localité de Pratz. La promesse de ne pas y déposer plus que 300.000 tonnes par année sera maintenue et d'autre part une recette non négligeable est assurée pour le budget communal.

La commune Préizerdaul et le syndicat « Kanton Réiden » collaborent ensemble depuis longtemps et il en sera également à l'avenir. Tous les projets que notre commune ne peut pas réaliser seule, sont réalisés ensemble au niveau du canton de Redange. La piscine sera agrandie, la maison de retraite a déjà été agrandie, la zone industrielle à Redange va s'épanouir, l'école de musique, et la commune Préizerdaul y participe. Le projet Housecare offrant des logements sociaux est très important. N'hésitez pas de louer vos logements vides à Housecare ; des logements abordables sont nécessités d'urgence.

Le collège échevinal et le conseil communal devraient et doivent être le reflet de la société. Il est d'autant plus important que les gens de toutes catégories d'âge, de nationalité et d'identité de genre s'intéressent à la politique.

Nous encourageons tous les habitants à s'inscrire pour les élections communales. Aidez-nous à accompagner notre commune vers un avenir moderne et durable.

Nous souhaitons de Joyeuses Pâques et de bonnes fêtes à tous nos habitants ; cette année beaucoup de manifestations sont de nouveau organisées au Préizerdaul pendant le week-end de Pâques. Vous trouvez tous les détails dans la brochure distribuée récemment.

Le collège échevinal

Préizerdaul

# Informatiounen vum Schäfferot


# *Informations du collège échevinal*


## ➢ Neien Internet Site – *nouveau site internet*

Vum 1. Mäerz un huet d'Gemeng een neien Internet Site. Klickt iech derduerch um

**[www.preizerdaul.lu](http://www.preizerdaul.lu)**

Nouveau site internet à partir du 1er mars 2023



## Bréifwal Gemengewalen / 11. Juni 2023 / vote par correspondance

- Laut Artikel 262 vum Walgesetz duerf jidder Wieler per Bréif fir d'Gemengewale stëmmen.

  D'Ufro ka mëttels Formulaire gemaach ginn, deen der op der Gemeng kritt oder um www.preizerdaul.lu kënnt erof lueden, a muss un de Schäfferot ausgefëllt an ënnerschriwwen zréck geschéckt ginn bis zum Mëttwoch, 17. Mee 2023 spéitstens.

  Falls de Walziedel soll an d'Ausland geschéckt ginn, muss d'Ufro bis spéitstens Daaschdes, den 2. Mee 2023 era geschéckt ginn.

➢ Dir kënnt Är Ufro och op elektroneschem Wee am selwechten Delai iwwert de myguichet.lu erareechen.

---

- Suivant l'article 262 de la loi électorale, tous les électeurs inscrits sont admis au vote par correspondance lors des élections communales.

  La demande se fait au moyen d'un formulaire disponible à la commune ou téléchargeable sur www.preizerdaul.lu et doit parvenir, sous peine de déchéance, au collège des Bourgmestre et échevins jusqu'au mercredi, 17 mai 2023 au plus tard.

  La demande pour le vote par correspondance doit parvenir pour le mardi, 2 mai 2023 au plus tard en cas d'envoi du bulletin de vote à l'étranger.

➢ La demande pourra se faire également par voie de dépôt électronique sur la plateforme myguichet.lu endéans la même période.







**Rappel pour les non électeurs non luxembourgeois :**

**vous pouvez vous inscrire encore pour les élections communales jusqu'au 17 avril 2023**

**Erinnerung für die Nicht-Luxemburger:**

**Sie können sich noch bis zum 17. April 2023 in die Wählerlisten für die kommunalen Wahlen eintragen lassen**

**Reminder for non-Luxembourgish residents:**

**Registration on the electoral rolls for the municipal elections until 17th April 2023**

**Lembrete para os não-luxemburgueses que não votam:**

**pode ainda registar-se para as eleições autárquicas até 17 de Abril de 2023**

# Meng Gemeng – mäi Klima

## Klima News aus dem Préizerdaul

**Audit Klima Pakt 2.0**

Ech hunn Iech an der Gemengenzeitung vum leschten Oktober gezielt, datt d'Gemeng Préizerdaul d'Demande agereecht huet fir am Klima Pakt 2.0 den offiziellen Audit gemaach ze kréien. Direkt vir ewech, mir hunn et gepackt.

Mir hunn et souguer nach besser gepackt wéi mer eis dat erwaart hunn. Nodeems dat mer jo am éischte Klima Pakt mat Gold ausgezeechent gi sinn, an awer am Klima Pakt 2.0 net genee wousste wat eis géing erwaarden, si mer e bësse mat Virsiicht un déi nei Bewäertung eru gaang a mir hunn eis "just" an der Prozedur fir eng Selwer Auszeechnung ageschriwwen. Mat enger grousser Portioun Engagement vum Klima Team a speziell vun engem engagéierte Service Technique vun der Gemeng hu mer et fäerdeg bruecht an där kuerzer Zäit vill Donnéeën zesummen ze sammelen. An engem leschte Sprint, sou sot eis Auditrice, hu mer nach e puer Extra Punkte konnten eran huelen fir souguer iwwer 75 % an der Bewäertung ze kommen. Mir maachen elo direkt de nächste Schratt fir eis an de nächste Méint iwwer een europäeschen Audit an der Gold Prozedur bewäerten ze loossen.

Mee, wat hu mer iwwerhaapt gemaach fir dee Score ze erreechen? Virun allem brauch et vill Viraarbecht iwwer eng méi laang Zäit. Do konnte mer dorop zeréck gräifen, datt mer scho joerelaang de Verbrauch vun Elektresch, Hetzt a Waasser kontrolléieren a notéieren. De Monitoring vun dëse Parameter ass den Ausgangspunkt fir Verbesserunge kënnen ze dokumentéieren. Duerch eis Holzheizungen hu mer den Asatz vu fossilen Energieträger op just ongeféier 2 % reduzéiert. Mee dat eleng geet laang net duer. Déi ugestrieften Zertifizéierung vun der "Deutschen Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen- DGNB" fir de Neibau vun eiser Schoul, déi sou nohalteg, ressourceschounend an energiespuerend wéi méiglech soll geplangt a gebaut ginn dréit och e wesentlechen Deel zum Erfolleg am Klima Pakt 2.0 bäi.

Mir bauen eng nei Schoul an der Mëtt vum Duerf, dat erméiglecht de Kanner zu Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul ze kommen an esou direkt ze léieren, datt net all Wee muss mam Auto gemaach ginn. Kuerz Strécke kënnen ouni Weideres och zu Fouss oder mam Vëlo gemaach ginn. Hei sollte mer eis alleguerten e bësse mat der eegener Nues huelen. Och dat ass Klima Pakt 2.0. Sensibiliséierung vun de Bierger, zum Beispill fir manner oft op den Auto zréck ze gräifen.

Fir déi nei Schoul an der Mëtt vum Duerf gi net nei Terraien erschloss, et gëtt keng nei Fläche versigelt a keng nei Infrastrukturen an d'gring Wiss geluecht. D'Schoul am Duerf bedeit och eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit am Duerf. Et bléift een Duerfkär dee mat Liewe gefëllt ass. D'Schoul, d'Duerfliewen, d'Duerfleit an d'Duerfveräiner sollen sech hei treffen fir dat dach schéint Duerfliewen an eiser stresseger Zäit ze genéissen. Niewebäi hu mer eis och engagéiert fir eisen Duerfkär ronderëm d'Schoul, d'Gemeng an d'Kierch rëm mat Liewe gefëllt ze kréien. Eidel Haiser am Duerfkär ginn een trist Bild of. Déi sollte bewunnt sinn, duerfir gëtt schonn d'Engagement fir bezuelbare Wunnraum ze schafen mat Punkte belount.

Dësweideren huet de Gemengerot och e Subsidreglement décidéiert dat eng finanziell Ënnerstëtzung vu säintens der Gemeng virgesäit fir Investissementer vun de Bierger an alternativ Energiequellen an an d'Isolatioun vun de bestoenden Haiser. Dir fannt all Info op eiser neier Internetsäit.

Voilà, scho wiere mer beim nächsten Thema; nohalteg Digitaliséierung. Och dat ass e Prozess deen eis nach länger beschäftegt, mee den Ufank ass gemaach. Barrière Fräiheet och am Internet an am Ëmgang mam Computer. Duerfir mussen Internetsiten direkt vun Ufank un sou geplangt ginn fir et méiglech ze maachen engem Mënsch mat Beanträchtegung den Inhalt vir ze liesen. Eisen alen Internet Site war duerfir zevill duercherneen.

D'Reorganisatioun vum Busreseau an eiser Gemeng, déi regional a lokal Zesummenaarbecht mat der Privatwiertschaft, den Engagement am Kanton an d'Zesummenaarbecht am Kanton si weider Elementer déi eis Punkte bruecht hunn. Vëlosweeër am Préizerdaul, Méiglechkeete fir e Vëlo geséchert ofstellen ze kënnen a.s.w.

Circular Economy gëtt positiv bewäert. Eist Modulgebäi wat mer lo réischt viru bësse méi wéi 10 Joer opgeriicht hunn ass nach ëmmer gutt ze gebrauchen. Mir notzen dat weider a réckelen dat op eng aner Plaz, fir esou Plaz ze schafen an eise Schoulkampus méi grouss ze maachen. Sou schoune mer Ressourcen.

Klimaupassung bedeit Moossnamen huelen déi eis hëllefen béi Klima Verännerungen wéi engem Staarkreen sou wäit wéi méiglech ouni Schued un eisen Haiser oder Infrastrukturen ze iwwerstoen. Duerfir baue mer Grief a Réier déi d'Uewerflächewaasser direkt an d'Baach leeden. Oder oppene Buedem innerhalb vum PAG fir méi Versickerung a Verdonstung ze erlaben, dat bedeit och manner Ophëtzung am Summer. Sou versiche mer och iwwer eist neit Bautereglement e puer Verännerungen a Punkto Steegart an Gringdach ze kréien.

D'Gemeng Préizerdaul, mam Personal a mam Schäffen- a Gemengerot hu sech e Leitbild ginn an engagéieren sech fir méi nohalteg ze schaffen, ze kafen, ze fueren an ze verbrauchen a fir alternativ Energien ze promovéieren. Mam Natur Pakt hu mer eis kontraktuell engagéiert manner Flächen ze versigelen a versigelt Flächen erëm op ze maachen a ganz op net einheimesch Planzen ze verzichten.

Dëst si just e puer Beispiller vu Moossnamen déi mer a 64 verschiddene Kapitele geholl hunn a bewäert kritt hunn. Et gëtt zevill Text fir alles hei ze beschreiwe wat mer gemaach hunn. Ech proposéieren Iech datt mer eis begéinen, beispillsweis an engem Biergeratelier, da kéinte mer eis genee iwwer eenzel Elementer austauschen.

Fernand Müller
Klimaschäffen

# Diskussioun

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

De Schäffen- a Gemengerot proposéiert Iech wëll déi 6. Ausgab vun „Diskussioun".

Mir sinn iwwerzeegt, dass verschidden Usiichten a virun allem eng propper a respektvoll Ausenanersetzung doriwwer zu eiser Kultur an zu eisem politeschen System gehéieren a ganz wichteg sinn.

Genee dat ass d'Thema vun dëser Ausgab: Wéi eng Diskussiounskultur hu mer eigentlech am Moment am Schäffen- a Gemengerot an och insgesamt an der Gemeng?

**Vläicht huet Dir jo och Propositiounen fir Sujeeën, déi mer sollten hei opgräifen?** Sot eis einfach Bescheed.

D'Ziel ass méi Transparenz: Iech mat anzebannen an Iech ze weisen, wéi eng Iwwerleeungen mer eis maachen oder wou och mol eppes net klappt.

Äre Gemengen- a Schäfferot

***Archiv:***

*Diskussioun 1: Schutz vum Patrimoine (03/21)*
*Diskussioun 2: Elektronesch Affichage laanscht Haaptstrooss (06/21)*
*Diskussioun 3: Wéi dicht bauen mer am Préizerdaul (10/21)*
*Diskussioun 4: Eis Feldweeër (12/21)*
*Diskussioun 5: PAG (03/22)*
*Diskussioun 6: Schwätze mer mateneen oder iwwerteneen ? (03/23)*
*Diskussioun 7: Eng nei Schoul fir d'Gemeng (~~10/22~~ → Fréijoer 23)*

# Diskussioun 6:

## Ëm wat geet et ?

Dëse Schäffen- a Gemengerot ass (ënner anerem) mat dem Virsaz ugetruede, ënnereneen respektvoll an oppen ze schwätzen, mee och par rapport zum Gemengepersonal an notamment de Bierger transparent ze sinn.

Jo, scho rëm dat do Wuert *transparent* – den een oder aneren kann et vläit scho net méi héieren. Mir rappeléieren dat all Kéier an dem Virwuert hei... . Et ass awer net nëmmen e Wuert, mee et geet hei ëm vill: Wann eppes transparent ass, ass et duerchsiichteg. Also **kloer, verständlech an näischt ass verstoppt**. Dobäi geet et bei Transparenz ëm Glafwierdegkeet, ëm Respekt, ëm Matschwätzen, ëm Gerechtegkeet an villes méi.

Esou kuerz virun de Walen ass u sech e flotte Moment fir nach eng Kéier selbstkritesch ze iwwerleeën, wou dëse Schäffen- a Gemengerot mat dësem Virsaz steet. Hu mer eis dru gehalen? Wat huet gefeelt? Wou war et onméiglech, dësem Virsaz gerecht ze ginn? Fir wat? An: Wat léiere mer doraus?

## Wat hu mer gutt hikritt?

Wéi mer viru 5 Joer ugetruede sinn, hunn déi Conseillere, déi scho méi laang derbäi woren, kloer gesot wat si net méi wëllen: Dass e Schäfferot alleng agéiert, ouni de Gemengerot ze informéieren; dass et Politik gëtt à la tête du client; dass verschidde Leit d`office net gehéiert ginn.

Fir an dësem Sënn anescht ze schaffen, ass Folgendes agefouert ginn:

- All Schäfferotssitzung huet e Procès verbal, deen un all Gemengerotsmember pour Info geschéckt gëtt
- Ze verschidde méi déck Themen goufen ganz regelméisseg tëschent de Gemengerotssitzungen Aarbechtssitzungen gemaach wou jiddereen seng Iddien konnt abréngen.
- Och als Gemengerotsmember konnt een Themen an Aarbechtssitzungen proposéieren
- Et goufen Biergerateliers gemaach fir jiddereen iwwert de politesche Programm mat décidéiere ze loossen; bei konkrete Mesuren sinn all Interessengruppen involvéiert ginn (p.ex. d'Léierpersonal bei der Planung vum Schoulneibau)
- Bierger sinn iwwer verschidden Themen cibléiert informéiert ginn (p.ex. PAG oder Bauschuttdeponie)
- Mir hunn Standards geschafen fir eng Gläichberechtegung ze erreechen:
    - Den Subsideschlëssel fir eis Veräiner a fir Spenden
    - eng Verbesserung vun der Baugenehmigungsprozedur,
    - de Versuch, am PAG eenheetlech Regelen ze applizéieren oder do, wou bewosst Ënnerscheeder sinn, propper an objektiv ze erklären
    - den Inventaire an objektiv Prioritéiten bei der Instandsetzung vun de Feldweeër a Spillplazen
    - Ëffentlech Ausschreiwung vun Aarbechten an der Gemeng
    - dat Opschaffen vun dem ganzen Historique punkto Bauschuttdeponie mat enger Responsabiliséierung vum Exploiteur
    - Oppenleeung vun der Bëschgestioun
    - An net ze lescht de Masterplang, wou no objektive Critère vun Externen gewise ginn ass, wou a wéi déi Steiergelder ze investéiere wieren
    - An, an, an

# Schwätze mer mateneen oder iwwerteneen ?

## A wat bleift nach ze maachen?

Alles ass natierlech net gegléckt – och wann dat normal ass, flott ass et net. Hei mol e Versuch, verschidden Intransparenzen an eiser Gemeng an de leschte 5 Joer op de Fong ze goen.
Also: Fir wat huet awer dat eent oder dat anert vläit fir den een oder aneren net esou duerchsiichteg geschéngt?

A) Vill Décisiounen, déi an enger Gemeng geholl ginn, sinn extrem komplex. Do spille Gesetzer mat ran, Realitéiten um Terrain, Interessien, Suen. Dat herno ze kommunizéieren bréngt ëmmer eng **Vereinfachung** mat sech. An déi Vereinfachung kann dat Gefill kreéieren, dass net alles gesot gouf.
*Mir invitéieren all Bierger an d'Gemengerotssitzungen ze kommen an eis unzeschwätzen fir sech e ganzt Bild ze maachen. Mir striewen un, zeitno all Gemengerotssëtzung ze streamen fir dass den Accès méi einfach ass an jiddereen sech en eegent Bild ka maachen.*

B) Heiansdo ass et och **gutt gemengt an falsch gemaach** – an dann entsteet den Androck vun Intransparenz.
*E konkret Beispill ass den Artikel Diskussioun vun 10/2022. Do war en Interview gemaach ginn mat der Schoulpräsidentin iwwert de Schoulneibau. De Schäfferot huet den net publizéiert. Aus hirer Siicht eng gutt Décisioun, wëll mir alleguer zesumme geschwënn eng grouss Publikatioun zu dem Thema Schoulbau maachen – y inclus dat kritescht Interview. Do passt et einfach besser hin.*
*Ech fannen déi Décisioun falsch, wëll et wichteg gewiescht wier, endlech eppes méi Konkretes zur Schoul ze weisen an och mat verschidde Rumeuren ze briechen. Vläit wier et dann net zu deem onqualifizéierten Schreiwes à toute boîte koum mat vill Falschaussoen zum Thema Schoulbau?*

C) Mir liewen an enger Demokratie, wou vill Décisiounen **Kompromësser** sinn. Do kritt kee Recht (oder jiddereen e bësschen). An der Suite ass keen richteg frou an fänkt un dës Décisiounen a Fro ze stellen. Wann driwwer geschwat gëtt, mécht automatesch jiddereen seng Perspektive méi staark. Do entstinn Aussoen, déi net beieneen passen. Dat kann dann riwwer kommen wéi wann eppes net transparent gewiescht wier.
*Hei gëtt et honnerten Beispiller. Et ass un jidderengem d'Glas hallef eidel oder voll ze gesinn an bei Diskussiounen ëmmer rëm ze préiwen wat Fakten an wat Emotioun ass.*

D) An do sinn ech scho beim leschte Punkt: Hëllefslosegkeet vis à vis vu **Fake News**. Déi ganz Welt diskutéiert do driwwer: Wéi geet een ëm mat falsch Aussoen? Mat Behaaptungen, déi einfach esou gemaach ginn, déi awer objektiv falsch sinn? Déi gären och ëmmer rëm widderholl ginn, ouni doduerch méi wouer ze sinn? Aussoen, déi esou gedréint ginn, dass verschidden Interessegruppen sech an hiren eegene Viruerteeler bestätegt gesinn? Aussoen, déi ganz perséinlech géint eenzel Leit ginn fir déi erof ze setzen?
*Leider sinn och mir am Préizerdaul net verschount vun esou Manipulatiounen. An wéi de Rescht vun der Welt wëssen och mir net esou richteg, wéi domat ëmzegoen ass. Ignoréieren? Argumentéieren? Rose ginn?*
*Wat mer probéieren, ass ëmmer virun ze erklären, ze kommunizéieren, bereet ze sinn fir ze schwätzen. W.e.g. notzt dat: Kommt op eis duer, frot eis fir wat et zu verschiddenen Décisiounen komm ass an wéi – héiert verschidden Perspektiven fir Iech en eegent Urteel ze maachen.*

Mir alleguer, déi mir eis fir eis Gemeng engagéieren, maachen dat mat vill Energie an op Käschten vun eisem Privatliewen. Mir zécken net Responsabilitéit ze iwwerhuelen an eis konstruktiver Kritik ze stellen – am Intérêt vum Préizerdaul. An et ass guer net einfach nei Leit ze fannen, déi sech och fir dës Aarbecht interesséieren.

Et wier immens, wann mer hei eng Kultur kéinten schafen, wo bei alle Feeler an Onzoulänglechkeet, bei all Enttäuschungen oder Roserei, ëmmer och de Gedanke do wier: Vläit mol mateneen schwätzen fir ze klären wéi et dozou koum.

Merci am Viraus! Mareike Bönigk

hoplr

Directement sur Hoplr ?
Scannez le QR-code

# INVITATION
## Réseau de quartier Préizerdaul

## Qu’est-ce que Hoplr ?

Hoplr est un **site web et une application pour le quartier**. Les habitants de **Préizerdaul** peuvent utiliser Hoplr pour entrer en contact avec leurs voisins.

- Apprenez à connaître vos nouveaux voisins
- Organisez ou participez à des activités dans votre quartier
- Recevez des notifications concernant votre quartier
- Demandez et/ou offrez de l’aide à vos voisins
- Trouvez un(e) baby-sitter
- Organisez une action de nettoyage
- Empruntez des objets
- Trouvez un(e) spécialiste
- Trouvez de l’aide pour vos tâches ménagères
- Tout sur votre quartier !

Dans le cadre du Pakt vum Zesummeliewen, le Kanton Réiden met à votre disposition Hoplr en tant que résident de **Préizerdaul**. C’est **gratuit**, **sans publicité** et **sécurisé**.

KANTON RÉIDEN — Pakt vum Zesummeliewen — GEMENG PRÉIZERDAUL

Si vous avez des questions sur l'application, vous pouvez nous contacter à l'adresse e-mail hoplr@kanton-reiden.lu.

## Inscrivez-vous maintenant

1. Rendez-vous sur www.hoplr.com et indiquez votre adresse
2. Cliquez sur ‘Recherchez votre quartier’
3. Indiquez votre code de quartier et inscrivez-vous
4. **VOTRE CODE DE QUARTIER** **GTLRH**

Si vous avez besoin d’aide ou d’information, envoyez un e-mail à support@hoplr.com

hoplr

Direkt op Hoplr ?
Scannt de QR Code

# INVITATIOUN
## D'Noperschaftsnetzwierk Préizerdaul

## Wat ass Hoplr?

Hoplr ass eng **Noperschaftsapp an -websäit**. D'Awunner vu **Préizerdaul** kënnen Hoplr benotze fir sech mat hiren Noperen ze verbannen.

- Är Nopere besser kennen ze léieren
- Organiséieren vu oder deelhuelen un Aktivitéiten an Ärer Noperschaft
- Notifikatiounen kréien iwwer Är Noperschaft
- Offeren fir d'Noperen ze hëllefen / Froen fir Hëllef
- E Babysitter fannen
- Eng Botzaktioun organiséieren
- Saachen ausléinen
- En Expert fir eppes fannen
- Hëllef fir Hausarbeechten fannen
- Alles iwwer Är Noperschaft

Am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen stellt de Kanton Réiden Iech als Awunner vu **Préizerdaul** Hoplr zur Verfügung. Et ass gratis, ouni Publicitéit a sécher.

KANTON RÉIDEN    Pakt vum Zesummeliewen    GEMENG PRÉIZERDAUL

Wann Dir Froen zur App hutt, da kënnt Dir eis gär op folgend Emailadress kontaktéieren: hoplr@kanton-reiden.lu.

## Schreift Iech an

1. Gitt op www.hoplr.com an drot Är Adress an
2. Klickt op „Fannt Är Noperschaft"
3. Gitt de Code vun Ärer Gemeng an Schreift Iech an Ärer Gemeng an
4. **DE CODE VUN ÄRER GEMENG** **GTLRH**

# Sitzungsbericht vom 14.12.2022

Anwesend: Gergen Marc, Bürgermeister; Muller Fernand, Rehlinger Marc, Schöffen;
Bönigk Mareike, Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, Zigrand René, Gemeinderäte.

Falls nicht anders angegeben, sind sämtliche Beschlüsse einstimmig angenommen.

## 1. Definitive Ernennung eines Gemeindetechnikers (in geheimer Sitzung)

Nach bestandenem Examen wird der Gemeindetechniker definitiv ernannt.

## 2. Festlegen der Zahlungsvariante betreffend die Kapitalerhöhung der DEA

Der Gemeinderat entscheidet sich die geforderte Kapitalerhöhung seitens der DEA in einer einmaligen Zahlung zu leisten.

## 3. Konvention betreffend den Waldfriedhof

Mit den Gemeinden Grosbous und Useldingen wird eine Konvention unterschrieben, welche die praktische Zusammenarbeit auf dem interkommunalen Waldfriedhof zwischen den drei Gemeinden regelt.

## 4. Statuten des interkommunalen Syndikates der Redinger Musikschule

Die erneuerten Statuten des interkommunalen Syndikates der Redinger Musikschule werden angenommen.

## 5. Festlegen der Prämien beim Kauf und Reparieren von Elektroapparaten

Auf Wunsch des interkommunalen Syndikates “De Réidener Kanton” genehmigt der Gemeinderat einheitliche Bestimmungen, was das Ausbezahlen von Zuschüssen angeht, zwecks Ankauf und Reparieren von Elektroapparaten mit niedrigem Energieverbrauch.

## 6. Naturschutzprogramm 2023 Sicona

Das Syndikat Sicona investiert nächstes Jahr 210.937,73 € in Naturschutzmassnahmen, wobei nach Abzug staatlicher Zuschüsse eine Summe von 88.000,00 € den Haushalt der Gemeinde belasten werden.

## 7. Kostenvoranschlag zur Instandsetzung des « Bockholzerbierg » in Pratz

Bei Enthaltung von Rätin Mareike Bönigk wird der Kostenvoranschlag betreffend die Instandsetzung des Feldweges von der rue de Folschette zum „Bockholzerbierg“ in Pratz auf einer Länge von 430 Metern zum Preis von 96.250,00 € angenommen.

Rätin Bönigk erinnerte an die anvisierte Klassifizierung sämtlicher Feldwege, nach deren Ergebnis Instandsetzungen priorisiert werden sollen.

# Procès-verbal de la séance du conseil communal du 14.12.2022

Présent : Gergen Marc, bourgmestre ; Muller Fernand, Rehlinger Marc, échevins;
Bönigk Mareike, Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, Zigrand René, conseillers.

Sauf indication contraire, toutes les résolutions sont adoptées à l’unanimité.

## 1. Nomination définitive d’un fonctionnaire communal (à huis clos)

Après avoir réussi l'examen d’admission définitive, le technicien communal est nommé aux fonctions de chargé de gestion du service technique communal.

## 2. Décision sur le choix de la variante concernant l’apport en capital de la DEA

Le conseil communal décide de verser en une seule fois l'augmentation de capital demandée de la part de la DEA.

## 3. Convention de coopération Bëschkierfent

Une convention de collaboration portant sur le cimetière forestier intercommunal est signée entre les communes de Grosbous, d'Useldange et de Préizerdaul.

## 4. Statuts du Syndicat intercommunal « Musikschoul Kanton Réiden »

Les statuts renouvelés du syndicat intercommunal de l'école de musique de Redange sont adoptés.

## 5. Fixation des primes à allouer pour l’acquisition et la réparation d’appareils électroménagers

A la demande du syndicat intercommunal "De Réidener Kanton", le conseil communal approuve des dispositions uniformes en ce qui concerne le versement de subventions pour l'achat et la réparation d'appareils électriques à faible consommation d'énergie.

## 6. Programme d’action annuel 2023 Sicona

Le syndicat Sicona investira l'année prochaine 210.937,73 € dans des mesures de protection de la nature. Après déduction des subventions de l'Etat, une somme de 88.000,00 € pèsera sur le budget de la commune.

## 7. Devis Asta « Bockholzerbierg » sur 430 m à Pratz

Avec l'abstention de la conseillère Mareike Bönigk, le devis concernant la réfection du chemin "Bockholzerbierg" à Pratz sur une longueur de 430 mètres est accepté pour un montant de 96.250,00 €.

La conseillère Bönigk a rappelé qu'il était prévu de prioriser tous les chemins ruraux et qu'en fonction de cette liste, il sera procédé aux travaux de remise en état.

Rat Schaus bemängelte, dass die Gemeinde noch weit weg vom selbst gesteckten Ziel entfernt sei, was das Feldwegeprogramm angeht.

Für Rat Loes ist es wichtig die hohen Ausgaben im Gemeindehaushalt im Auge zu behalten.

## 8. Zusatzkostenvoranschlag betreffend die Erneuerung der „rue de la fontaine" in Platen

Unvorhergesehene Kosten, hauptsächlich bedingt durch das Auffinden von belastendem Bitumen, welcher mit erheblichen Aufwand entsorgt werden muss, machen einen Zusatzkostenvoranschlag in Höhe von 612.883,13 € betreffend die Erneuerung der rue de la fontaine in Platen nötig.

Rat Zigrand bemängelte in diesem Zusammenhang die schlechte Vorarbeit und Analyse seitens des technischen Büros.

## 9. Kostenvoranschlag zur Versetzung des Modulgebäudes

Bei Gegenstimmen der Räte Schaus und Zigrand wird ein Kostenvoranschlag in Höhe von 1.150.000,00 € angenommen um das Modulgebäude vom Schulhof in die Wiese neben dem Friedhof zu versetzen. Dieses Unterfangen ist nötig, da der aktuelle Standort des Modulgebäudes, welches drei Klassensäle beherbergt, Platz machen muss für den in der Planung befindlichen neuen Schulkomplex.

Die Räte Schaus und Zigrand bemängeln vor allem den in ihren Augen zu hohen Kostenaufwand, den diese Arbeiten hervorrufen würden.

Bürgermeister Gergen entgegnet, dass man nicht umhin komme die Klassensäle zu verlegen, da sie weiter benötigt werden um den normalen Schulablauf zu garantieren. Desweiteren käme die Anschaffung neuer Module weitaus teurer zu stehen, falls deren Beschaffung überhaupt gelänge.

## 10. Einnahmeerklärungen

Die Räte genehmigen einige Einnahmenerklärungen, bestehend hauptsächlich aus staatlichen Zuschüssen.

## 11. Haushaltsvorlage 2023 des OSCARE

Der Gemeinderat genehmigt die Haushaltsvorlage des kantonalen Sozialamtes Oscare, wobei die Gemeinde Préizerdaul mit 70.919,30 € für das Jahr 2023 beteiligt ist.

## 12. Berichtigter Haushalt des Jahres 2022 und Haushalt 2023

Der Gemeinderat genehmigt die berichtigte Haushaltsvorlage des Jahres 2022 sowie die Haushaltsvorlage 2023.

Le conseiller Schaus a déploré que la commune soit encore loin de l'objectif qu'elle s'est fixée en ce qui concerne la réfection des chemins ruraux.

Pour le conseiller Loes, il est important de garder un œil sur les dépenses élevées du budget communal.

## 8. Devis supplémentaire pour la réfection de la rue de la fontaine à Platen

Des frais imprévus, notamment dus à la découverte de bitume pollué, rendent nécessaire un devis supplémentaire de 612.883,13 € concernant la réfection de la rue de la fontaine à Platen.

Le conseiller Zigrand a critiqué le mauvais travail de préparation et d'analyse de la part du bureau technique.

## 9. Devis pour le déplacement de la construction modulaire

Avec le vote négatif des conseillers Schaus et Zigrand, un devis de 1.150.000,00 € est accepté pour déplacer le bâtiment modulaire de la cour de l'école vers un nouvel endroit près du cimetière.

Cette opération est nécessaire car l'emplacement actuel du bâtiment modulaire, qui abrite trois salles de classe, doit faire place au nouveau complexe scolaire en cours de planification.

Les conseillers Schaus et Zigrand critiquent surtout les coûts élevés que ces travaux engendreraient à leurs yeux.

Le bourgmestre Gergen répond que la présente opération est essentielle pour garantir le fonctionnement normal de l'organisation scolaire. Encore est-il que l'achat de nouveaux modules coûterait bien plus cher, s'il serait possible du tout d'en acquérir.

## 10. Titres de recette

Les conseillers signent plusieurs titres de recettes, portant principalement sur des subventions de l'État.

## 11. Budget 2023 Oscare

Les conseillers municipaux approuvent le budget prévisionnel de l'office social du canton de Redange (Oscare) ; la participation de la commune Préizerdaul s'élève à 70.919,30 € pour l'année 2023.

## 12. Budget rectifié 2022 et Budget 2023

Le conseil communal approuve le budget rectifié de l'année 2022 ainsi que le budget 2023.

# BUDGET RECTIFIE 2022 ET BUDGET 2023

## Tableau récapitulatif du Budget rectifié de l'exercice 2022:

| | service ordinaire | service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 8.878.305,30 € | 811.167,85 € |
| Total des dépenses | 7.136.184,53 € | 4.163.192,32 € |
| Boni propre à l'exercice | 1.742.120,77 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 3.352.024,47 € |
| Boni du compte 2021 | 2.157.852,10 € | |
| Boni general | 3.899.972,87 € | |
| Mali general | | 3.352.024,47 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 3.352.024,47 € | + 3.352.024,47 € |
| **Boni présumé fin 2022** | **547.948,40 €** | |

## Tableau récapitulatif du Budget de l'exercice 2023:

| | service ordinaire | service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 9.356.044,23 € | 3.443.859,53 € |
| Total des dépenses | 7.877.727,79 € | 5.417.576,13 € |
| Boni propre à l'exercice | 1.478.316,54 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 1.973.716,60 € |
| Boni présumé fin 2022 | 547.948,40 € | |
| Boni general | 2.026.264,94 € | |
| Mali general | | 1.973.716,60 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.973.716,60 € | + 1.973.716,60 € |
| **Boni définitif** | **52.548,34 €** | |

## 13. Informationen des Schöffenrates

### a) Aufteilung eines Grundstückes

Um ein Bauvorhaben zu ermöglichen, genehmigen die Räte eine Aufteilung eines Baugrundstückes in Reimberg.

### b) Verkehrsreglement

Der Gemeinderat beschließt ein Verkehrsreglement mit welchem die Hauptstraße in Platen während der von der Straßenbauverwaltung vorgesehenen Arbeiten teilweise für den Verkehr gesperrt wird.

### c) Verschiedenes

Rätin Bönigk beschäftigt sich mit dem geplanten Künstlermarkt in Reimberg, in wieweit die Reimberger Dorfbevölkerung hier eingebunden wird, so dass ein partizipatives Projekt entstehen könnte.

Der Bürgermeister stellt klar, dass eine Art Organisationskomitee gegründet wird mit dem Statut einer asbl, welches sich ausschließlich um die Ausrichtung dieses Festes kümmert.

## 13. Infos collège échevinal

### a) Morcellement de terrain

Pour la réalisation d'un projet de construction, les conseillers approuvent le morcellement d'un terrain à bâtir à Reimberg.

### b) Règlement de circulation

Le conseil communal confirme un règlement de circulation par lequel la rue principale à Platen est partiellement fermée à la circulation pendant les travaux prévus par l'Administration des Ponts et Chaussées.

### c) Divers

La conseillère Bönigk se renseigne quant à la manifestation prévue à Reimberg en été et demande dans quelle mesure la population du village de Reimberg y sera associée, de sorte qu'un projet participatif pourrait voir le jour.

Le bourgmestre précise qu'une sorte de comité d'organisation sera créé sous le statut d'une asbl, dont le but exclusif consiste dans l'organisation de cette fête.

## Dépenses extraordinaires pour l'année 2023
## *Die wichtigsten aussergewöhnlichen Ausgaben 2023*

| | |
|---|---|
| Déplacement bâtiment modulaire<br>*Versetzen Modulgebäude* | 1.150.000 € |
| Nouveau complexe scolaire: planification<br>*Neues Schulgebäude: Planung* | 800.000 € |
| Rénovation toiture église<br>*Erneuerung Dach der Kirche* | 70.000 € |
| Participation Extension Réidener Schwämm<br>*Beteiligung an Vergrösserung der Réidener Schwämm* | 300.000 € |
| Réaménagement aires de jeux<br>*Erneuerung der Spielplätze* | 50.000 € |
| Acquisition bâtiment pour le service technique<br>*Ankauf eines Gebäudes für den technischen Dienst* | 500.000 € |
| Réfection du château d'eau à Reimberg<br>*Reparatur des Wasserturms in Reimberg* | 120.000 € |
| Mesures de protection eau potable<br>*Massnahmen zum Schutz des Trinkwassers* | 83.000 € |
| Réfection rue de la fontaine<br>*Erneuerung der rue de la fontaine* | 650.000 € |
| Projet de logements à coûts modérés : études<br>*Projekt zum Bau von kostengünstigen Wohnungen: Studien* | 50.000 € |
| Réfection chemins ruraux<br>*Instandsetzung Feldwege* | 95.000 € |



**Erneierung vun der Haaptstrooss N12 zu Platen am Dezember 2022**

# Sitzungsbericht vom 13. Januar 2023

Anwesend: Gergen Marc, Bürgermeister; Muller Fernand, Rehlinger Marc, Schöffen;

Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, Gemeinderäte.

Entschuldigt: Bönigk Mareike, Zigrand René.

Falls nicht anders angegeben, sind sämtliche Beschlüsse einstimmig angenommen.

## 1. Genehmigung eines notariellen Aktes

Der Gemeinderat genehmigt einen notariellen Akt, mit welchem die Gemeinde Eigentümer wird einer Parzelle von 59,75 Ar in Pratz gelegen im Ort „in der Hang“ zum Preis von 23.900,00 €. Der Gemeinnutzen besteht im Erhalt, sowie in der Wiederherstellung eines gefährdeten Biotopes, welches zudem seltenen Spezies Lebensraum bietet.

## 2. Festlegen der Prämien für Sportler und verdienstvolle Personen

Der Gemeinderat setzt die Beträge fest, welche an Sportler oder andere verdienstvolle Personen ausbezahlt werden:

- 50,00 € für den Einzelsportler;
- 250,00 € für ein Sportlerteam bis zu 10 Personen;
- 500,00 € für ein Sportlerteam ab 10 Personen;
- Geschenk bis zu einem Wert von 75,00 € für verdienstvolle Bürger.

## 3. Verschiedene Massnahmen im Zusammenhang mit dem Naturpakt

a) <u>Unversiegelte oder teilweise versiegelte Flächen in neuen Wohngebieten in der Gemeinde Préizerdaul</u>

Fortan wird bei neu zu realisierenden Wohnsiedlungen ein Minimum von 20% festgelegt, was das Verhältnis nicht versiegelter Flächen zur Gesamtfläche der Verkehrsflächen (öffentliche Plätze, Bürgersteige, Parkplätze, Strassen) angeht.

b) <u>Kommunale Neuanpflanzungen in städtischen Gebieten der Gemeinde Préizerdaul</u>

Die Gemeinde verpflichtet sich in Zukunft bei eigenen Anpflanzungen ausschließlich auf einheimische Arten von Bäumen, Hecken oder Sträucher zurück zu greifen.

c) <u>Konzept zur Reduzierung der Lichtverschmutzung im Interesse des Tierschutzes in der Gemeinde Préizerdaul.</u>

Die Gemeinde gibt sich ein Beleuchtungskonzept, welches darauf ausgelegt ist, die Lichtverschmutzung so gering wie möglich zu halten, dies im Interesse der Fauna, insbesondere den Insekten, Fledermäusen und anderen nachtaktiven Säugetieren.

# Procès-verbal de la séance du conseil communal du 13 janvier 2023

Présent : Gergen Marc, bourgmestre ; Muller Fernand, Rehlinger Marc, échevins;

Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, conseillers.

Excusés: Bönigk Mareike, Zigrand René.

Sauf indication contraire, toutes les résolutions sont adoptées à l'unanimité.

## 1. Approbation d’un acte notarié

Le conseil communal approuve un acte notarié par lequel la commune devient propriétaire d'une parcelle de 59,75 ares à Pratz située au lieu-dit "in der Hang" au prix de 23.900,00 €. L'utilité publique consiste dans la conservation et la restauration d'un biotope menacé, qui offre en outre un habitat à des espèces rares.

## 2. Fixation du don à attribuer aux sportifs et personnes méritantes

Le conseil communal fixe les montants à attribuer aux sportifs et autres personnes méritantes :

- 50,00 € pour un sportif individuel ;
- 250,00 € pour une équipe de sportifs jusqu'à 10 personnes ;
- 500,00 € pour une équipe de sportifs de 10 personnes et plus ;
- Cadeau d'une valeur maximale de 75,00 € pour les citoyens méritants.

## 3. Diverses mesures dans le cadre du Pacte Nature

a) <u>Surfaces non-scellées ou partiellement scellées dans les nouvelles zones résidentielles de la commune Préizerdaul.</u>

Désormais, dans les nouveaux lotissements résidentiels à réaliser, un minimum de 20% est fixé en ce qui concerne le rapport entre les surfaces non imperméabilisées et la surface totale des surfaces de circulation (places publiques, trottoirs, parkings, rues).

b) <u>Nouvelles plantations communales en milieu urbain de la commune Préizerdaul.</u>

La commune s'engage à l'avenir à n'utiliser que des espèces indigènes d'arbres, de haies ou d'arbustes pour ses propres plantations.

c) <u>Concept de réduction de la pollution lumineuse dans l'intérêt de la protection de la faune de la commune Préizerdaul.</u>

La commune se dote d'un concept d'éclairage visant à réduire au maximum la pollution lumineuse, ceci dans l'intérêt de la faune, notamment des insectes, chauves-souris et autres mammifères nocturnes.

d) <u>Mehrjährige Strategie für den Natur- und Wasserschutz nach den Vorgaben des Ministeriums für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung und der "Klima-Agentur".</u>

Ziel dieser Strategie ist es Arbeitsschwerpunkte und zeitliche Richtwerte darzulegen um den Zielen des Naturpaktes näher zu kommen. Diese Umweltschutzstrategie zielt darauf ab, den Umweltschutz in der Gemeinde systematisch voranzutreiben und somit die Lebensqualität der Einwohnerinnen und Einwohner aufrechtzuerhalten und zu erhöhen.

## 4. Stellungnahme zum nationalen Leitprogramm für die Raumentwicklung (PDAT2023)

Das nationale Leitprogramm für die Raumentwicklung (Programme directeur d'aménagement du territoire, PDAT) legt strategische Leitlinien und politische Ziele fest, um die räumliche Entwicklung des Landes zu steuern und die Akteure der Raumplanung zu begleiten.

In der Stellungnahme des Gemeinderates, zu welcher letzterer in einem gewissen Zeitrahmen gesetzlich verpflichtet ist, wird betont, dass man sehr wohl die Notwendigkeit einer solchen übergeordneten Planung erkenne; jedoch sei es wichtig den jeweiligen lokalen Gegebenheiten Rechnung zu tragen. Für eine kleine Landgemeinde wie die unsrige, sei es nicht immer einfach den diversen Anforderungen der verschiedenen staatlichen Stellen Genüge zu leisten, zumal sich diese teilweise widersprechen würden.

d) <u>Stratégie pluriannuelle pour la protection de la nature et de l'eau selon les prescriptions du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de la "Klima-Agence ».</u>

L'objectif de cette stratégie est de définir des priorités de travail et de fixer des délais indicatifs afin de se rapprocher des objectifs du pacte pour la nature. Cette stratégie a pour but de faire progresser systématiquement la protection de l'environnement dans la commune et de maintenir et d'augmenter ainsi la qualité de vie des habitants.

## 4. Avis relatif au projet du Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT2023)

Le programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) définit des orientations stratégiques et des objectifs politiques pour orienter le développement territorial du pays et accompagner les acteurs de l'aménagement du territoire.

Dans la prise de position demandée par le législateur, le conseil communal souligne qu'une planification globale est bien nécessaire; mais qu'il est important de tenir compte des enjeux et circonstances locales. Pour une petite commune rurale comme la nôtre, il n'est pas toujours facile de satisfaire aux exigences multiples des différents services publics, d'autant plus que celles-ci sont très souvent contradictoires.

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
40%

# Neijoerschreceptioun mat Éierungen an der Gemeng Préizerdaul

Den 20. Januar 2023 hat d'Gemeng Préizerdaul op hir traditionell Neijoerschreceptioun an de Kulturzentrum Op der Fabrik agelueden. No de Wëllkommensgréiss an Neijoerschwënsch vum Buergermeeschter Marc Gergen mat sengem Schëffen- a Gemengerot, sinn unhand vun enger detailléierter Power-Point Projektioun di vill Projete vun der Gemeng Préizerdaul virgestallt ginn.

Duerno sinn eng ganz Rei vun verdéngschtvolle Mataarbechter, Musikanten a Sportler mat engem passende Kaddo geéiert ginn. An angeneemer Ambiance ass bei flottem Zesummesinn op dat neit Joer ugestouss ginn.



Fir 40 Joer Asaz bei der Préizerdauler Musik sinn den

**Edmond Manes,**
**den Ady Muller,**
**de Jules Matgen**
**an de Ferdy Peschon**

mat enger schéiner Corbeille geéiert ginn.



Den **Arthur Bour** an de **Claude Steichen** si fir hiert virbildlicht Schaffen am Digital Archiv Préizerdaul geéiert ginn.



De **Charel Reiser** ass engersäits als Pompjeeësmann mat 40 Joer fräiwelligen Dingscht geéiert ginn, an anerersäits als onermiddlichen Reporter a Fotograf am Dingscht vun der Gemeng.



Och dem **Jhemp Sinner**, deen duerch déi uschléissend **Sportleréierung** gefouert huet, gouf mat enger Corbeille Merci gesot.



Beim **Dësch-Tennis Préizerdaul** goufen folgend Sportler fir hier gutt Leeschtungen vun den dräi vergaangenen Saisone geéiert:

Foos Ferber, Nick Ferber, Patrick Feltgen, Pol Feltgen, Nash Zwank, Alain Zwank, Kim Schroeder, Gil Schroeder, Eugène Schroeder, Jona Schroeder, Bernard Peschon, Pedro Santos Ferreira, Pol Flick, Pit Gengler, Astrid Weiler a Lea Weber.



Beim **Dauler Fiederball** waren dat:

Mike Bertrang,
Felix Loos,
Noémie Ney,
Lara Weinandy



Vum **Racing Team Power Bull's** waren folgend Piloten gutt ënnerwee: Géraldine Lagodny, Mike Koener, Jeff Spiewak, Stéphane Freylinger, David Klein, Yves Hahn a Claude Schumacher



Beim **Velosveräin Tooltime** gouf de Lex Reichling Champion am Cyclocross wärend der Saison 2019/2020; de Mike Diener Champion op der Strooss a Vizechampion CLM.

D'Carmen Coljon gouf Vizemeeschterin bei den Damen CLM 2020/2021.

Bei der **Lasep** sinn d'Lisa Leistico, d'Chloé Zepp, den Noreddin Zeifri, de Yassin Zeifri, de Brandon Martins Morgado an de Patrick Bryan Martins Morgado fir hier gutt Resultater beim nationale Cross zu Dikrich, respektif bei der Liichtathletik 2021 an 2022 geéiert ginn.



Och d’**Marie Schreiber**, wat leider nit konnt un der Soirée deel huelen, ass fir seng gutt Performancen am Cyclocross vun der Saison 2020/2021 an 2021/2022 geéiert ginn.

**Hei e klenge Beitrag vu sengem Supporter-Club iwwert eng méi wéi gelonge Saison 2022/2023.**

No enger ganz gudder Saison 2021/2022 mat der 6. Plaz op der Weltmeeschterschaft zu Fayetteville an Amerika an der 33. Plaz an der Weltranglëscht, konnt een op déi néi Saison 2022/2023 gespaant sinn. Mam Schoulofschloss an der Täsch konnt d’Marie sech ab Juni 2022 voll a ganz op de Vëlo konzentréieren.

Vun Ufank September 2022 bis Ufank Februar 2023 ass d’Marie 26 Cyclocross Coursë gefuer. Seng Ziler waren déi verschidde Worldcup Coursen, d’Europameeschterschaft zu Namur am November an d’Weltmeeschterschaft zu Hoogerheide am Februar. Mee fänke mir vir un. De Start an d’Saison ass mat 2 Victoiren an den zwou éischte Coursen optimal gegléckt. Am éischte Worldcup vun der Saison Ënn Oktober zu Tabor, wou d’nächst Joer d’Weltmeeschterschaft stattfënnt, spréngt eng super 10. Plaz raus.

Op der Europameeschterschaft zu Namur ass d’Marie mat der tatkräfteger Ënnerstëtzung vun engem Bus voll Supporter op déi excellent 4. Plaz gefuer. Dat versprécht fir de weidere Verlaf vun der Saison. An d’Marie war weider gutt ënnerwee. Eng Woch no der super Performance op der EM, konnt d’Marie zu Beekse Bergen säin éischten U23-Podium bei engem Worldcup féieren. Duerno ass et weider gaange mat 3 Podiumsplazen hannertenee bei den U23. D’Joer 2022 konnt d’Marie mat enger excellenter 2. Plaz um Cross zu Loenhout gutt ofschléissen.

Déi eenzeg Course op Lëtzebuerger Terrain, d’Championnat zu Mamer de 15. Januar 2023, konnt d’Marie fir sech entscheeden an hatt ass domat déi néi Lëtzebuerger Championne am Cyclocross bei den Dammen.



D’Weltmeeschterschaft zu Hoogerheide war näischt fir schwaach Nerven. No sengem gewinnt séieren Depart louch d’Marie déi zwee éischt Tier mat enger anerer Konkurrentin am Duell em d’Plaz 3, ier hatt am drëtten Tour gefall ass. Bei där Chute ass hatt hefteg op de Knéi gefall, soudass hatt am weidere Verlaf vun der Course nitt méi konnt bei déi tschechesch Fuererin bäikommen. D’Marie ass seng Course awer kämpferesch fäerdeg gefuer an hatt kënnt um Ënn op déi gutt 5. Plaz.

Alles an allem ass d'Marie eng super konstant Saison gefuer. An all Course, bei där et um Depart stoung, ass een Top 20 Resultat dobäi rauskomm. Hatt ass all Worldcup an Europa gefuer, a kënnt do am Schlussklassement op eng gutt 8. Plaz. An der Weltranglëscht vum Cyclocross konnt d'Marie des Saison vill Plaze gutt maachen an hatt schléisst als 13. bescht Crossfuererin vun der Welt of.




Mir sinn natierlech immens houfreg op déi excellent 5. Plaz bei der Weltmeeschterschaft. Deemno eng méi wéi gelonge Saison. An mir wënschen dem Marie elo vill Freed an Erfolleg a senger neier Ekipp SD Worx.

# Personaléierung bei der Gemeng Préizerdaul



No senge Wierder vu Wëllkomm um traditionelle Gemengebanquet den 11. Mäerz 2023 ass de Buergermeeschter Marc Gergen a Presenz vum Schäffen- a Gemengerot op di verschidde Projeten agaangen, déi am Laf vum vergaangene Joer am Beräich vun der Gemeng, der Schoul an der Maison Relais konnten realiséiert ginn, fir dann och kuurz op di zukünftig Investitiounen hinzeweisen.  Doriwer hinaus huet de Buergermeeschter d'Vertrieder vun de Commissiounen, di Benevol Matarbechter, déi iwert d'Joer ganz gut Arbecht op fräiwëlleger Basis fir d'Gemeng leeschten och ganz besonnesch erviergestrach.

No senge Wierder vu Merci un all Matarbechter déi am Dingst vum Bierger stungen, koum et zur Éierung vun deene Leit, déi sech am Laf vum läschte Joer sief et een neien Challenge am Liewen gesicht hunn oder well si an hir wuel verdingte Pensioun gaange sinn.

Beim Personal vun der Maison Relais war et um **Kristin Hendrickx**, wat vun 2014 bis 2022 bei der Gemeng agestallt war, an niewebäi säin Diplom als éducateur diplomé an duerno och säin Bachelor mat Erfolleg afgeschloss huet.

Duerno gouf dem **Yann Kirchen**, den och als „éducateur diplomé" am Zäitraum vun 2014 bis 2022 an der Maison Relais aktiv war, fir seng gut Arbecht villmools Merci gesot. De Yann huet sich en neien Challenge ginn als Responsablen vum Centre de vacances Ënsber. Grad esou wéi d'Kristin Hendrickx konnt de Yann Kirchen och leider nit present sinn, esou dat di Zwee hire Kado nodréiglich iwereecht kréien.

Desweideren huet de Buergermeeschter d'Verdingster vum **Gaby Plier-Schumacher**, dat vun 2013 bis 2022 als grouss Hëllef dem Patrick Antony an der Maison Relais ëmmer zur Säit stong, ganz besonnesch ervier gehuewen an him eng angenehm Pensioun gewënscht.

Op der Gemeng selwer ass dann de Fatmir **Blakcori** an d'Pensioun gaang, den vun 2016 bis 2022 als „homme fait tout" eng ganz gut Aarbecht geleescht huet.

Zu gudder Läscht ass dem **Elsa Nogueira** och Merci gesoot gin, dat vun 2007 bis 2020 als ganz engagéiert Botzfra ëmmer fir eng perfekt Schoulbotz gesuergt huet.

Den angenehmen Owend ass bei engem deftige Menü a gudder Gesellschaft a bei flotter Danzmusik mam Mike Poiré op en Ënn gaangen.

## Canne blanche am Dëngscht vun de visuell behënnerte Leit

### Rëckbléck an Ausbléck aus der Generalversammlung den 11. Mäerz am Préizerdaul

D' "Canne Blanche" oder "Les amis des aveugles du Grand-Duché de Luxembourg" ass eng Vereenegung ouni Gewënnzwëck, mam Zil zur Verbesserung vum moralischen, ekonomischen a sozialen Liewen vun de blannen oder visuell behënnerten Mënschen bei ze droen.

Et war fir de President Fernand Bley ugangs der statuarischer Generalversammlung am Festsaal am Préizerdaul eng besonnesch Éier dem Verwaltungsrot an alle Memberen fir hirt Engagement an di kontruktiv Matarbecht häerzlich Merci ze soen; sou wéi och der Gemeng Préizerdaul fir de flotten Empfank.



Aus dem Aktivitéitsbericht vum Jeff Bentz gong ervir datt de Verwaltungsrot an den exekutive Büro niewt hire Sitzungen, fir hir 126 Memberen e Grillfest, eng Muselfahrt an eng Chrëschtfeier niewt enger finanzieller Zoulag, organiséiert haaten. Fir de positive Finanzbericht vum Joer, den vun de Keesserevisoren als einwandfräi bestätigt gouf, ass Entlaschtung gewährt ginn. Et ass och drop higewissen ginn dat d'Vereenegung Canne Blanche op finanziell Hëllef vu private Persounen, Firmaen an Spenden ugewissen ass fir hir Aktivitéiten können ze organiséireren an och duerch ze féieren. Fir Member können ze gin steet e speziellen Formular fir all Interesséiert zur Dispositioun. Folgend Aktivitéiten stin fir dat lafend Joer um Programm: Grillfest zu Koulbich (1. Juli); Eng Schëfffahrt op der Musel (7. Oktober) an eng Chrëschtfeier am Dezember zesummen mat der Fondatioun vun der Blannevereenegung zu Rollingen.

A sengem Schlusswuert huet de Buergermeeschter Marc Gergen d'Gemeng Préizerdaul kuurz virgestallt an dem Verwaltungsrot vun der Canne Blanche weiderhin eent flott Zesummeschaffen zum Wuel vun allen visuell behënnerte Mënschen gewënscht.

**La Canne blanche, 12, rue des bois, L- 8361 Goetzingen.**

**E- Mail: jbentz@pt.lu – Tel: 621 244 112**

## Wiedervernässung eines alten Moores in den Sauerwisen in Pratz

## Einweihung des Projektes am 17. März 2023

Mehr als 80 % der verbliebenen Feuchtgebiete wurden in der zweiten Hälfte des 20. Jahrhunderts landesweit zerstört. Auch wurden Kleingewässer im Offenland in einem großen Ausmaß verfüllt. Gewässer und Feuchtgebiete beherbergen eine große Artenvielfalt. Sie spielen außerdem eine wichtige Rolle für den Wasserhaushalt der Landschaft. Intakte Fließgewässer und Feuchtgebiete sind zudem eine Voraussetzung für einen funktionierenden Hochwasserschutz.

Am Rand eines ehemaligen Moorgebietes wurde eine Fläche von rund 35 Ar wieder vernässt. Die dazu benötigte Fläche von rund 60 Ar wurde von privaten Besitzern zur Verfügung gestellt. Auf 2/3 der Fläche standen vom Borkenkäfer befallene Fichten, die vor den Erdarbeiten entfernt wurden. Die Wurzelstöcke wurden auf der Fläche belassen und zum Teil in langen Mieten am Rand der Fläche abgelagert. Diese lückige Struktur aus Totholz, Erde und Steinen ist ein hervorragendes Landhabitat für Amphibien, bietet aber auch Lebensraum für Reptilien, Wildbienen und Vögel.



Die neu angelegten, flachen Tümpel haben eine Gesamtwasserfläche von etwa 12 Ar. Sie werden aus den oberhalb gelegenen Drainagen gespeist, das Wasser durchströmt die länglichen Becken eines nach dem anderen und die Nährstofffracht wird sukzessive abgebaut. In einigen Bereichen könnte der Nährstoffgehalt soweit nach unten gedrückt werden, dass sich hier Tier- und Pflanzenarten der Niedermoore ansiedeln könnten. Wie die Fläche sich genau in den nächsten Jahren entwickeln wird, werden wir mit Spannung verfolgen. Sie wird aber sicherlich vielen bedrohten Arten eine Überlebenschance bieten.

Auch der unterhalb liegende Bach *Roudbaach* wird von der Maßnahme positiv beeinflusst. Das wiederhergestellte Feuchtgebiet puffert sowohl Nährstoffe als auch die Wassermengen, d.h. das Wasser wird etwas länger in der Fläche gehalten und hilft dadurch Trockenperioden zu überstehen.

Die Gemeinde Préizerdaul und das Naturschutzsyndikat SICONA setzen sich aktiv für die Schaffung von naturnahen Feuchtgebieten und Retentionsflächen ein. Das Projekt wurde im Rahmen des Zweiten Nationalen Naturschutzplans PNPN2 von der Gemeinde Préizerdaul durch das Naturschutzsyndikat SICONA umgesetzt.



# Sitzungsbericht vom 24. März 2023

Anwesend: Gergen Marc, Bürgermeister; Muller Fernand, Rehlinger Marc, Schöffen;
Bönigk Mareike, Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, Zigrand René, Gemeinderäte.

Falls nicht anders angegeben, sind sämtliche Beschlüsse einstimmig angenommen.

## 1. Bestimmung des Kulturzentrums als Lokal für die Gemeinderatssitzung

Der Gemeinderat legt das Kulturzentrum als Tagungsort der hiesigen Sitzung fest.

## 2. Provisorische Ernennung eines Gemeindebeamten für den Technischen Dienst *(in geheimer Sitzung)*

Kevin Marinho aus Ettelbrück wird als Beamter im technischen Dienst eingestellt, wo er sich hauptsächlich um die Regelungstechnik der Gemeindegebäude und Anlagen kümmern soll.

## 3. Genehmigung von Arbeitsverträgen

Aline Pierozzi aus Bettborn ist seit dem 15. Februar als Erzieherin in der Maison Relais beschäftigt.

## 4. Vertrag Grünschnittsammelanlage 2023

Der Vertrag mit Herrn Pierre Schreiber aus Bettborn betreffend die Grünschnittsammelstelle wird um ein weiteres Jahr verlängert.

## 5. Konvention Sicona

Mit Herrn Felix Martiny aus Pratz wird ein Vertrag unterschrieben, womit letzterer dem Naturschutzsyndikat Sicona erlaubt auf seinem Gelände Hochstamm-Obstbäume zu pflanzen sowie einen Weiher anzulegen.

## 6. Bauprojekt

In Platen wird ein Teilbebauungsplan angenommen, welcher ein Bauprojet an besagter Stelle ermöglichen soll.

## 7. Umklassierung eines kommunalen Grundstückes vom öffentlichen in privaten Besitz

Zwecks späteren Tauschaktes und Regularisierung von Gemeindegrenzen muss eine Parzelle vom öffentlichen Besitz in den Privatbesitz der Gemeinde wechseln.

Rätin Bönigk bedauerte in diesem Zusammenhang das Fällen eines alten schattenspendenden Baumes auf besagtem Gelände, auch wenn die Gesetzeslage betreffend eine eventuell erforderliche Genehmigung nicht eindeutig ist.

# Procès-verbal de la séance du conseil communal du 24 mars 2023

Présents: Gergen Marc, bourgmestre ; Muller Fernand, Rehlinger Marc, échevins;
Bönigk Mareike, Hilger François, Loes Michel, Schaus Tom, Zigrand René, conseillers.

Sauf indication contraire, toutes les décisions sont prises à l'unanimité.

## 1. Désignation du centre culturel comme local particulier pour la tenue de la séance

Le conseil communal désigne le centre culturel en tant que local pour la séance du conseil communal d'aujourd'hui.

## 2. Nomination provisoire d'un fonctionnaire communal au service technique *(à huis clos)*

Kevin Marinho d'Ettelbruck est nommé en tant que fonctionnaire au service technique, où il s'occupera principalement de la technique de régulation des bâtiments et des infrastructures communales.

## 3. Approbation de contrats de louage de services

Aline Pierozzi est nommée en tant qu'éducatrice dans la maison relais à partir du 15 février 2023.

## 4. Contrat Grünschnittsammelanlage 2023

Le contrat concernant la déponie pour les déchets verts est prolongé d'un an avec Monsieur Pierre Schreiber de Bettborn.

## 5. Convention Sicona

Un contrat est signé avec M. Felix Martiny de Pratz, qui permet la plantation de fruitiers à hautes tiges ainsi que l'aménagement d'un étang sur son terrain par le syndicat de la conservation de la nature Sicona.

## 6. Projet de lotissement

Un projet d'aménagement particulier est approuvé à Platen, qui permettra la réalisation d'un projet de construction à cet endroit.

## 7. Reclassement d'un terrain du domaine public communal au domaine privé communal

En vue d'un acte d'échange ultérieur et de la régularisation de limites communales, une parcelle doit être reclassée du domaine public communal au domaine privé communal.

Dans ce contexte la conseillère Bönigk déplora l'abattage d'un vieil arbre donnant de l'ombre sur ledit terrain, même si la situation légale au sujet d'une éventuelle demande d'autorisation n'est pas claire.

## 8. Konten des Jahres 2022

Die Konten des Jahres 2021 schließen mit einem Bonus von 2.157.852,10 € ab. Die staatliche Kontrollbehörde hat bei ihrer Überprüfung einige Anregungen, zu denen der Schöffenrat Stellung bezog.

## 9. Änderungen im Haushalt

Einige Anpassungen im gewöhnlichen und außergewöhnlichen Haushalt bedingt durch unvorhergesehene Ausgaben werden angenommen.

## 10. Humanitäre Hilfe

Der Gemeinderat beschließt die jährliche Spende für humanitäre Hilfe wie folgt zu verteilen:

| | |
|---|---|
| • ONG „Komm Hellef Mat Préizerdaul“: | 20.000 € |
